



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro  
n° 8190 vum 28. Juli 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den éirewäerten Deputéierte gräift de Regierungsprogramm op mam viséierten Ofbau vun den Emissiounen am ëffentlechen Transport.

D'Passagéierzich esou wéi och den Tram ginn haut scho mat Stroum bedriwwen deen zu 100% aus erneierbare Quelle gewonne gëtt.

De Verbrauch vun der gesamter Busflott gëtt vun der Administration de l'Environnement op Basis vun Zuele vum STATEC a vun der SNCT berechent. Des Zuele baséieren op dem reell verkaafte Carburant, der Zesummesetzung vun der Busflott an de gefuerene Kilometeren. Dëst bedéngt ee gewëssen Delai wat d'Verfügarkeet vun dësen Zuelen ugeet, esou baséieren d'Zuelen fir 2022 an 2023 ob enger Previsioun vun der Ëmweltverwaltung.

Allgemeng ass ze bemierken, dass den ëffentlechen Transport mat manner wéi 1 % vun de gesamte Klimagas Emissiounen par Rapport zu den transportéierte Leit ee positiven Effekt ob den Ausstouss vu Klimagasen huet.

**1. Wéi vill Treibhausgaser (an %) goufen duerch den ëffentlechen Transport 2018  
ausgestouss (op dat ganz Joer gekuckt)?**

2018 huet den ëffentlechen Transport ronn 0.7% vum Gesamtaustouss laut Klimagesetz vu Klimagasen ausgemaach.

**2. Wéi vill Treibhausgaser (an %) goufen am ëffentlechen Transport an den éischte 6 Méint  
vum Joer 2023 ausgestouss?**

Laut de Previsiounen vun der Administration de l'Environnement wäert den ëffentlechen Transport 2023 ongeféier 0.9% vum Gesamtaustouss vu Klimagasen ausmaachen. Bei dëser virleefeger Zuel handelt et sech allerdéngs em eng Previsioun déi weder op dem effektiven Kraaftstoffverbrauch nach op Ännerungen an der Flottenzesummesetzung baséiert ass. Wéi an der Äntwert op déi rezent parlamentaresch Fro n° 8189 erklärt, ass d'Gesamtzuel vun de gefuerene Kilometer am stroossegebonnenen ëffentlechen Transport säit 2018 staark geklommen. Dëst erklärt zum Deel d' Eropgoen vum Pourcentage am Gesamtaustouss vu Klimagasen.

An der Äntwert op déi selwecht parlamentaresch Fro ass och eng méi detailléiert Oplëschtung vun der Evolutioun vun den Emissiounen vun de Busser vum RGTR Réseau ze fannen.

**3. Ëm wéi vill Prozent sollen d'Emissiounen nach all Joer falen, fir dass d'Zil 2030 erreecht ass?**

Fir d'Zil vun 0% Klimagas Emissiounen am öffentlech Transport ze erreechen, missten des all Joer em ronn 14% falen. Opgrond vun den aktuelle Kontrakter am Busberäich an der Entwécklung vun der Technologie, virun allem am Beräich vun de laangen Distanzen, wäert des Entwécklung awer net linear stattfannen, mä an Etappen, wann des Kontrakter erneiert ginn.

Lëtzebuerg, den 11. September 2023

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch